

1904 - 2004

Chorale  
Ste Cécile  
Suessem

# 100 Joer - 100 Suessemer - 100 Geschichten

*Hei geet riets vun 100 Leit, déi entweder Suessem iergendwéi markéiert hunn oder eng Geschicht erliewt hunn, déi deemools wéi haut d'Leit ameséiert an impressionéiert. Wien ènnert déi 100 Suessemer fällt a wien net, ass e bëssen en Zoufall - et goufen awer bewosst méi Leit "vun deemools", wéi där "vun haut" geholl, a - virun allem och Leit déi eng Relatioun mat der Chorale hunn oder hatten. Di "100 Joer" sinn och net ze genee ze huelen.*

*Vill vun de Geschichte goufen erzielt - op engem lëschtegen Owend, am Mee 2004 vum Jeanny Bauler - Becker, Alphonse Morang, Lydie Morang-Biver a Sonja Theis-Feyder. Et sinn och Erënnerunge vum Raymonde Biot-Dabée, dem Edouard Biot an dem Jos Speltz. Méi traureg an delikat Geschichte goufe bewosst ausgeklammert - et geet op dëser Platz net drëm, eng kritesch Geschichtsschreiwung ze machen. Dat heien ass och keng wëssenschaftlech Aarbecht: et ginn Anekdoten erziehlt!!!*

*Eng gutt Hëllef, fir munches besser ze verstoen, war en Artickel vum Jhemp Biver - an der Brochure fir 10 Joer "Club des Jeunes Suessem" vun 1983. ("Eng Suessemer Haus - au Familjechronik aun 5 Kapitelen"). Eng Rei Datume goufe vun do iwerholl, 3 Geschichte si vun do inspiréiert. (cf 52,57 +75)*

*D'Leit ginn mat hierem Hausnumm genannt - esou wäit et ee geet. A Klammere steet den offizielen Numm.*

*Et gouf probéiert kengem ze nozetryeden. Et soll ee beim Liesen och net alles ze eescht huelen a sech wa méiglech e bëssen ameséieren.*

## 1. Anekäts Franz (Thirifay François)

(1888-1949) Mann vum Susanne Berchem. Franz war Bauer op der Escher Stross. Ganz um Ufank vum Krich hunn di däitsch Truppen beim Bösch bei der Käerjenger Barriere dräi franzéisch Zaldoten erschoss. Franz huet se op sain Trëmmer gelueden an ass mat hinnen d'Escher Strooss erof, op de Kierfecht gefuer. Hien huet seng Päerd mat "Hüh" an "Hott" zu Héichleeschungen animéiert: d'Kugele sinn him ém d'Ouere gepaff. Di dräi Zaldoten leien um Suessemer Kierfecht begruewen. (cf 2)

## 2. Anekäts Jhaumper (Thirifay Jean-Pierre)

(1885-1958) e Jonggesell ... jee, esou ee wéi se déi Zäit waren! Hien hat - wéi et schengt - zum dacksten de Kaffeemar ém de Bart geschmiert.

Anekä�ts Jhaumper hat eng Gäertnerei an der Kazerecht, huet Beie gehalen an Hunneg gemach. "Wanns De net gesinn has, wéi en e gemach huet, hues De e gutt fonnt", gëtt gesot. Jhaumper hat drei Geschwëster: Fred, Fraunz (Bauer op der Escher Stross) a Jhoss (Schoulmeeschter).

### 3. Backese Jhang (Backes Jean)

(1902-1991) Jonggesell, Museker (war 2 Joer Dirigent vun der Suessem Musek) an Eisebunner. Backese Jhang huet op der Gare zu Schuller geschafft, hat awer e "Wegeunfall". Säin Hobby gouf dunn e Park, dén en am Zentrum vu Suessem uge-luecht huet. (Haut huet de Park säin Numm).

Jhang huet lues an lues Stécker a Gäert opkaft a vill Stonnen dra geschafft. En hat e Weier mat Goldfësch, d'Kanner - virun allem Meedecher - aus der Noperschaft sinn a seng "Villa Spawec" komm: dat war eng Hütt, déi en zesummegezammert hat. Jongen hat en net gären do "déi mache mir zevill futti", sot en. Wéi hie gestuerwen ass, huet en der Gemeng de Park vermach - e gouf elo nei aménageiert. (cf 4)

### 4. Backese Jhak (Backes Jacques)

(1906-1984) Jhak war, wéi säi Brudder Jhang, Musikant. Hie koum awer gäre ze spéit an d'Museksprout mam Argument "Ech spinnen dat an enger Prouf, wat anerer an 10 spinnen."

D' "Backese" waren zu 8: Harry, Pit, Neckel, Jhang, Jos, Théid, Christine a Josephine (Mamm vum Serge Urbany - fréieren Deputéierte vun "Déi Lénk"). (cf 3)

### 5. Baron Auguste de Tornaco

(1892-1952) Mann vum Gabrielle Peteu. An der Zäit hu praktesch all d'Meedecher aus dem Duerf um Schlass geschafft: esou och Tréis Bebb (Bebb Glodt-Simon).

Den Auguste hat en A op si gehéit. Enges Dags soutz Bebb do Strëmp ze flécken, den Auguste huet si vun hannen iwerrascht an un d'Broscht gepackt. Si huet séier réageiert an him en hëlzent Ee, wat se hat, fir d'Strëmp ze flécken, iwwert de Kapp geschloen. Hie gouf ziemlech rosen an huet an all Strëmp, dei Bebb op d'Wäschléngt gehangen hat mam Gewier, e Lach geschoss (!).

Den Auguste hat 2 Bouwen - de Victor an de Camille: bénid sinn zu Suessem an d'Schoul gangen. (cf 6 + 90)

### 6. Baron Raymond de Tornaco

(\*1896-?) Dem Auguste sein Brudder. Vum "Remon" gëtt erzielt, hie wier nach virum éische Krich bei seng Tatta gangen an hätt gesot: "Ech hätt gären eng Rennmaschine". - "Neen", sot si, "dat ass ze deier an ze geféierlech". Kuerz Zäit drop war en erëm do a sot: "Ech hätt gären e Fliger!" - "Neen", sot si, "dat ass ze deier an ze geféierlech. Da kriss De léiwer eng Rennmaschine!" Esou young et, hie krutt säin Auto.

Anererseits gëtt gezielt, de Remon hätt och en Auto selwer zesummegebaut an e Fligermotor dra gesat.

En ass op alle Fall séier gefuer an huet och Leit iwverrannt oder ugestouss. Dono huet en sech dann e puer Wochen an d'Belsch zreckgezunn, bis Gras iwer d'Affär gewues war. (cf 5)

## 7. Bauer René

(1918-1986) Mann vum Pauline Feyder. Hien hat eng Seeërie an der rue du Moulin, déi e vun sengem Schwéierpapp iwverholl hat. D'Seeërie ass am Dezember 75 verbrannt. Dono war hie wuel nach Maschinen an d'Belsch kafe fir nei unzefänken, 1984 huet hien awer ganz opgehalen.

## 8. Baulesch Jhak (Bauler Jacques)

(1929-2002) Mann vum Jeanny Becker. Jhak war joerlang an der Chorale. Hie koum vu Stolzebuerg op Suessem an huet am Ufank beim Barong um Schlass geschafft. Dono war en op der Schmelz - an hat an de 70er Joeren de "Café am Center": dee-mools war dat en Duerfbistro mat Danzsall wou èmmer "Eng" lass war. Jhak war a ville Veräiner aktiv an donierft ee vun de Stare vun der Suessemmer Kapesëtzung. Hie steet fir Hits ewéi "D'Tatta Anna", "Jhaumper, gehei Deng Al eraus", "Loss mech dach e bësselchen" a - virun allem och - "Willy, oh Willy, Deng Nues". (cf 9)



Baulesch Jhak (N° 8)

## 9. Becker Peter

(1896-1968) Mann vum Marguerite Manderscheid. Papp vum Jeanny Bauler-Becker. Hie koum aus Lourtringen, huet op der Hadir an dono op der Seeërie geschafft. "Beckerpeter" war als Kaarteraiber bekannt: en huet nomëttegerlang Wist "a Kesselesch" gespillt. Dobäi huet e gär gefuddelt an deenen aneren an d'Kaart gekuckt. Fir déi ze täuschen, huet e seng Kaarten duerchernee gesat. Wann en dann awer eng am richtegen Ament konnt zéien, sot en: "Halt Kutscher, hier hab' ich noch 'ne Schipinski!"(cf 8)

## 10. Biotsen Ed (Biot Edouard)

(\*1923) Mann vum Raymonde Dabée. Ed hat èmmer Päerd, hien ass an der Zäit am Zylinder a Frack a mat gerëschter Päerdkutsch de Kleesche siche gefuer, mol op Nidderkuer, mol op Käerjeng. D'Initiative, fir de Kleeschen och bei déi Suessemmer Kanner ze huelen, koum vum LCGB: als Kleeschen ass och alt emol Kesselech Maria (Maria Wagner-Schmit) opgetrueden.

**11. Biotsen Henres (Biot Henri)**

(1920-1989) Mann vum Aloysia Erpelding. Henres war an der Musek, huet de Kanégechersclub gegrënnt, genee wéi d'Suessem Sektion vum "Rentner - an Invalideverband". Hie bleift als Witzeerziehler an Errënnerung. Et gëtt gesot, hien hätt moies um 8 Auer domat ugefangen fir owes um 8 opzehalen - an da war kee Witz zweemol komm.

Fir de Rescht, war ee vun Henres senge Mottoen "Mir ma'n eist Bescht, an een dee säi Bescht mëscht, war nach nie e Lidderechen!"

**12. Bivesch Dommes – och Collengs Dommes (Biver Dominique)**

(1886-1935) Mann vum Mathilde Weber, Papp vum René Biver. Dommes war décke Kolleg mat Klebesch Franz. Wéi Franz dout war, koum Dommes bei d'Lued a soll gesot hun: "Oh mam, elo bass Du dout! Ech kommen Dir geschwënn no a brengen eng gutt Fläsch mat." An effektiv ass Dommes e puer Wochen drop och gestuerwen. Um Kierfecht leien di zwee Kollege Graf u Graf. (cf 34 + 47)

**13. Bivesch Dommes (Biver Dominique)**

(1899-1952) Mann vum Jeanny Peiffer. Dommes war Wiert - hat de spéidere "J+J" vu sengem Papp - Lannefranz - iwerholl. Nieft dem Café, wou haut e Privathaus steet, war en Danz - an Theatersaal. Do Theater ze spinnen war net grad gemittlech: fir op d'Bühn huet ee missen durch e lange kale Gang. Dommes seng Fra - Giirge Jenny - hat e puer Schosselen duergestallt, wou d'Acteuere sech konnte wäschen. (cf 57)

**14. Blasen Ben**

(\*1938) Mann vum Josette Seiler. Ëmmer erëm gäre erzielt gëtt d'Geschicht vun der 88er Kapesëtzung. De Ben war hei de Star. Hie war - op sengem 50ste Gebuertsdag - aus dem Publikum op d'Bühn geholl ginn - an huet beim Danz "In Zaire" matgemach: d'"Kannibalen" hatten en an e grousst Dëppé gesat. De Ben war awer net besonnesch erféiert an huet gemittlech weider d'Zigar gedämpt.

**15. Boffi (Kleber Josephine)**

(1875-1951) Boffi hat mat hierem Brudder - Klebesch Pier - e Café op der Escher Strooss. Den Numm "Boffi" ass entstannen, wéi een eng Kéier am Café - wéi Boffi nach jonk war - gesot huet "Quelle boffil!" (Wat e schéint Médchen!). (cf Brochure "CTF Suessem - 75e Anniversaire" - 2003).

Béid ware Geschwëster vu Jhang, dee "Piano Kleber" opgebaut huet.

De Knascht bei Boffi war legendär. Si huet zum Beispill d'Glieser mam Schierteg ofgemach, an der Trapp houng Kanéngercherspelzer, déi vu Mueden zerfriess waren.

An awer ass jiddereeën dohi gangen: och d'Musek. Wéi Baulesch Jhak déi éischte Kéier derbäi war, sot Boffi: "Wéen ass dat? Ech kennen en net!" Jhak huet deen Ament um Schlass geschafft, an Zaff Edmond sot: "Et ass ee vum Schlass!" Boffi war impressionnéiert: "Oh Här Barong", sot si, "dann dierf Dir och de Grammophon undrecken!"(cf 50)

#### 16. Braumes Nicki

(1889-?) Am éischte Weltkrich huet hien a Klebesch Franz - nodeem se e Patt zevill gedronck haten - de "Preise" Frechheete gemach. Déi Däitsch haten eng Parti Heipen am Käerjénger Bësch an hunn di Zwei do agespart. Hier Mamme sinn dohinner kräische gangen, fir d'Bouwen èrem fräi ze kréien. Déi Däitsch hunn si och goe geloss, mam gudde Rot dass di Zwei an Zukunft net méi esou vill sollen drénken. (cf 47)

#### 17. Brécks Jhang (Leysen Jean)

(1850-?) Mann vum Marie Decker. Brécks Jhang war Steemetzer an hat eng dréche Liewer: seng Fra, d'Mel hat en eemol op d'Gare gescheckt e Faass sichen, dat mam Zuch sollt ukommen. Zu Käerjéng op der Gare konnt hie just nach soen: "D'Faass eraus!" De Mann am Guichet huet d'Confirmatioun dofir gefrot, Jhang huet him se gewiesen: et gouf näischt mam Faass, et war den Déckschäi vun enger Kouh. (cf 18 + 29)

#### 18. Brécks Mel (Leysen-Decker Marie)

(1854-1947) Fra vum Jean Leysen. Hire Mann Jhang goung duerch d'Duerf an huet gesongen: "Schön ist die Jugend, sie kommt nicht mehr". - "Mei léiwe Männchen", huet si vun der Fenster gejaut, "häss De se nach eng Kéier, da misst De awer nach lang waarden, bis ech Där se giff eweg huelen!".

Mel war och eemol op der Gare a wollt en Zuchticket kafen. "Ech hätt gären e Biljet dohin an erëm", sot Mel. "Wuer fuert Dir da gären, Madame?" war d'Fro an d'Äntwort prompt: "Dat geet den Här Chef de Gare guer näischt un!". (cf 17)

#### 19. Collini Lucien

(1942-2002) Mann vum Antoinette Leytem. De Luss war Scoutschef vun der Suessem Trupp: a vun der éischter Stonn - vun 1979 un - mat derbäi. Hien huet iwwer 20 Joer fir d'Scouten geliewt an och fir e Chalet gekämpft, dee lues fäerdeg gëtt. Fir den Dram vum Chalet ze erfëllen, huet de Luss 1993 "d'Frënn vun de Guiden a Scouten" matgegrënnt. Hie war awer och fir aner Veräiner do, an huet op der Kapesëtzung d'Männerballeen matgedanzt: an do war en einfach de Star!

#### 20. Courtois René

(1929-1978) Paschtouer zu Suessem. Ufank der 70er Joere krutt d'Chorale Kaméidi mat him, et gouf net méi an der Kierch gesongen. Hie koum de 26ste Januar 1978 bei engem Autosaccident èm d'Liewen: hie war an Däitschland ennerwée, Kräizer siche fir d'Kommuniounskanner vun deem Joer.

**21. Dabée-Krier Françoise**

(1848-1926) Fra vum Lambert Dabée. Mamm vum Ugenie, Joseph an Xavier Dabée (deen huet spéider Berthe Weiler bestuedt). Françoise war an Anekäts an der Kazerecht gebuer, a gouf - nom Dout vun hirem Mann - Kächen um Haf: well dem Barong Charles seng Fra jonk gestuerwen ass, huet si dem Barong seng Kanner - 2 Bouwen (Auguste a Raymond) an 5 Meedecher - gezillt. D'Barongskanner soutzen dacks bei hier an der Kichen nozekucken. (cf 95 + 96)

**22. Dittches Kett (Gruber Catherine)**

(+?) Si huet mat hieren zwee Bridder, Neckel an Klos, e Jonggesellestot gefouert (bis an d'30er Joeren?). Wa si schlofe gange sinn, huet Kett hire Bridder - fir d'Nuetsgebiet - Wäiwasser ginn, si selwer huet hannert d'Bett geograff, an eng Schlupp aus der Wäifläch geholl, déi do stoung.

**23. Dussier Gilbert**

(1950-1979) e Suessemer, deen et als Fussballspiller an d'Nationalequipe bruecht hat. Hien huet awer och als Profi zu Völklingen, Toulouse a Lille gespillt. Mat 29 Joer ass en u Leukämie gestuerwen.

**24. Fänderes Wulles (Schmit Willi)**

(\*1887-?) Wulles war Deel vun engem Jonggesellestot an der Groussgaass: hien huet do mat senge Geschwëster Jhempchen a Kätt geliewt. Wulles war enner anerem Caissier an der Musek. Wéi Tréis Finn (Josephine Feyder-Glodt) hiert Meedchen Sonja krutt, sot hien: "Ech wousst jo nach èmmer, dass De geckeg wiers, mee wou kann een e Kand "Sonntag" nennen?"

**25. Fassbindesch Ben (Fassbinder Ben)**

(+?) Hie war an de 40er an 50er Joeren Koschter - zu Suessem an och zu Esch. (Déi Zäit konnt ee vun där Aktivität liewen: et krutt een eng Pai!) Fassbindesch Ben war vill "A Kesselesch". Da sot en : "Ech muss nach an d'Kierch d'Feier ufänken goen" - virun der Renovatioun stoung en Uewen matzen an der Kierch - am Summer gouf en awer erausgeholl. Opjidefall koum et méi ewéi eemol fir, dass "de Fassbinder" - beim Feierufänken, nom Besuch "A Kesselesch" - ferm an der Kierch entschlaf ass.

**26. Fissen Emil (Schmit Emil)**

(\*1901-1996) Mann vum Catherine Schwarz. Emil war Bäcker an hat eng Epicerie op der Escher Strooss. Hien huet och Theater gespillt, a selwer kleng Texter geschriwwen. Dat war èmmer mat vill Opwand verbonnen, hien huet ganz geheimnisvoll gemach. Sou sot hien eemol zu Tréis Zess (Carl-Glodt Cécile): "Du strécks an Deng Schwëster Finn esst en Appel." - "Firwat?" wollten d"Tréis-Meedecher" wëssen, hien huet näischt verroden. Gespannt hunn si op säin Oprött gewart - goufen awer enttäuscht, alles wat hie sot, war: "Die Lange strickt, die Kürzerer frisst!"

## **27. Foncke Charel (Fonck Charles)**

(1914-1978) Mann vum Estelle Baustert. Charel war am Gesangveräin - e lëschtege Gesell - heescht et. Hien huet aus dem Eisleck gestaamt a war do an der Musek aktiv. Zu Suessem wollt hie mat deem Hobby weiderfueren. "Här Fonck, wat huet Dir da gespill?", gouf e gefrot. "Oh mäi Gott," sot hien, "ech mengen, et war eng Trötter!" Legendär ass nach eng aner Geschicht: hien hat e Vëlomoto kritt. En huet Gas ginn, a wosst: "Dat geet!" Ma wéi hält ee stall? Keng Ahnung! Do ass en alt esou lang d'Strooss op an of gefuer, bis e kee Benzin méi hat.

## **28. Gaaschen Hilda (Gaasch-Pretemer Hilda)**

(1906-1994) Fra vum Nicolas Gaasch. Si war Néiesch an huet am Haus mat der ronner Stuff op der Escher Strooss gewunnt. Et war - wéi et schengt - èmmer impressionnant, wann hei Brautkléeder exposéiert waren. De Galerist Armand Gaasch war hiere Fils. (cf 53)

## **29. Gässels Jhak (Schmit Jacques)**

(1864-?) Hie war Schwéngshirt um Ueschterhaff. Vun him gëtt eng Geschicht erzielt, déi jidderee kennt. Dobäi muss gesot gin, dass Gässels Jhak naiv war, dat wousst all Mensch. An awer... Eng Kéier huet Brécks Jhang um Ueschterhaff e Schwéngsstall gebaut, Gässels Jhak huet nogekuckt a frot opeemol: "So, wou ginn dann d'Béischten eran?" Am Eifer war vergiess gin, eng Diir fir de Stall anzeplangen. (cf 17)

## **30. Gelmi Angelo**

(1922-2003) "Gelmi" huet a senger Fräizäit russesch enseignéiert, hie war Member vun der KPL. E war och joerlang an der Suessemer Musek: wann en bei enger Sortie mat war an nuets um 2 oder 3 héem goung, dann huet en de ganze Wee - gutt hart - d'Serenade vum Toselli gespillet.

## **31. Gilsons Bebb (Simon-Kirschenbilder Bebb)**

(1872-?) Fra vum Franz Simon. Bebb säi Mann Franz wollt sech e besse Sue verdingen an ass op Kirmesméisdeg bei Wäisse Jhak a Léinchen den Daach flécke gangen. Franz ass awer vum Daach gefall. Hie war dout, si si seng Fraa siche gangen. "Do, lo leis De do, mat der dommer Schnëss. Brengt mir en heem... Oh, wat en Mord", sot Gilsons Beb, wéi se op d'Platz ukoum. ("Oh, wat e Mord, sot Gilsons Beb", gëtt nach haut gäre vun "ale" Suessemer gebraucht, fir dëst oder dat - e bëssen ironesch - ze kommentéieren.)

## **32. Greisch Jacques**

(+?) Hie koum nom Krich vu Bieles op Suessem, an de Bauerenhaff am Quartier de l'Eglise, deen haut vu sengem Enkelkand gefouert gëtt. Den "ale Greisch" ass èmmer mam Päerd gefuer: enges Dags ass en awer mat sengem Bouf - Frans - mam

Trakter d'Groussgaass erofkomm. Dee wollt d'Part vum Haff opma'n, sot zu sengem Papp: "Setz Dech hei, Du muss just d'Brems lass ma'n." Gesot, gemach, en huet sech gesat, ma séier d'Kontroll iwwer den Trakter verluer, obwuel en "Hüh, Hot!" geruff huet. Trotzdeem koum den Trakter eréischt am Haf un d'Halen.

### 33. Hansen Ern

(\*1938) Hie war Physiksprof an Direkter vum Lycée technique Nic Biver zu Diddeleng. Hien wunnt zenter enger Partie Joeren zu Suessem, a fir de Millenium, d'Joer 2000, huet en zesummen mat senger Fra - Christiane Kler - um Schéff "Pimallo" d'Welt èmsegelt.

### 34. Haanse Ren (Biver René)

(1920-1983) Mann vum Rosa Warcken. Ren war eng Zäit LSAP-Schäffe vun der Gemeng Suessem. A jonke Joeren ass hien erfollegräich Vélo gefuer: hie war esouguer zweemol um Départ vum Tour de France: en ass déi Course awer ni fäerdeg gefuer - an awer huet en "de ganzen Tour" gemach, wëll et eemol an déi eng Richtung, déi zweet Kéier an déi aner Richtung lass goung. D'Platz virun der neier Schoul gouf no Haanse Ren genannt. (cf 12)

### 35. Haunkes Jeng (Becker Henri)

(1908-1973) Mann vum Marie Robinet. Jeng wollt als Kand ni an de Reliounsunterrecht. De Paschtouer Julchen huet e mat der Hand gezunn, Jeng huet en dra gebass. "Mäi léiwe Jong, wann ech Dech nach eng Kéier an d'Hand kreien....", sot de Paschtouer. Doropshin de Jeng: "Du rouden Hond do!"

### 36. Hausemesch Séiss (Hausemer Suzanne)

(1883-1951) hiere Papp Nickela hat e Café ugefangen, haut d'"Suessemer Stuff" op der Escher Strooss. Séiss huet e weider gefouert, an hat èmmer d'Schoulmeeschter am Kascht: d'Schoulmeeschteren Hoffmann, Schlessner an och Klincker.

### 37. He'erches Alfred (Alfred Lang)

(1900-1982) Alfred staamt vun der "He'erechen" - vun engem Haff tëschent Suessem an Käerjéng. Mat 11 Joer koum en an d'Chorale an ass och do aktiv bliwwie bis zu sengem Dout. Hien huet keng Méi gescheit fir an d'Prouwen ze kommen, hie koum esouguer zu Fouss, wa meterhéige Schnéi loung. Vun him gëtt gesot, et wier "ee vun de läschte Gentleman'en" gewierscht.



He'erches Alfred (N° 37)

### **38. Herber Bim**

(\*1937) Mann vum Liliane Watgen. De Bim ass énner anerem als Hobbymoler bekannt: seng grouss Stonn war 1985, wéi hien - am Oprach vum LCGB - eng Tack duerft entwerfen. Déi huet hien och selwer, dem Popst Jean-Paul den Zweeten während der Visite zu Esch/Belval iwwerrecht. A wéi gëtt émmer gesot: "De Bim wëss nach wien de Popst ass, op de Popst sech un de Bim errénnert, ass eng aner Fro!"

### **39. Kache Jos (Zahles Jos)**

(1908-1992) Mann vum Catherine Schoos, Papp vum Armand Zahles. Hie war Schräiner an domat fir vill Reparatiounen an aner Schräinerarbechten am Duerf zoustänneg. Enn der 70er huet Jos di hëlze Bäncke gemach, déi haut an der Kierch stinn. (cf 97)

### **40. Kache Vic (Steichen Victor)**

(1901-1986) Mann vum Augustine Stein. Vic hat e Mëllechhandel, hien huet awer och Stiller fir an d'Geschir gemach: Axtestiller, Schöppestiller, an därs méi. D'Produktioun ass an enger klenger Fabrik an der rue des Aulnes gelaf. D'Geschäft goung ganz gutt, hien hat esou guer e puer Aarbechter.

Vic hat 9 Kanner: énnert hinnen ass Kache Fränk - de Frank Steichen - Stärekach aus dem „Restaurant Agathe“ um Houwald. Énnert hinnen ass och Kache Maisy - Maisy Biver-Steichen - d'Fra vu Gäärtnesch Jang, dem Jean Biver - engem langjährege Sänger.

### **41. Kärzen Janges (Pretemer Jean)**

(1880-1965) Mann vum Marie Schumacher. Als Bouf, am Alter von 9 Joer huet hie sech eng Kéier am Beichtstull verstoppt an do de Leit d'Beicht och ofgeholl. Janges sollt u sech dat Joer d'Kommunioun machen - ma Strof muss sinn, hie gouf net matgeholl.

### **42. Kesselech Louis (Schmit Louis)**

(1862-1937) Mann vum Catherine Thirifay, am zweete Mariage bestuet mam Marie Proth, Papp vum Maria an Louise Schmit.  
Hie war den éischte President vun der Chorale. 1937 gouf e vun engem vun den éischten Auto iwVERRANT, déi duerch Suessem gefuer sinn. (cf 43 + 61)

### **43. Kesselech Maria (Wagner-Schmit Marie)**

(1911-2000) Fra vum Pierre Schockmel, am zweete Mariage bestuet mam Léon Wagner. Si hat nieft dem "Café des bons amis", "A Kesselesch", eng Epicerie. Wëll si gären d'Leit énnerhalen huet, ass se och alt emol als Kleeschen duerch d'Heiser gezunn; si konnt awer och eng Zigarette hannerzeg fëmmen. A si huet nach éppes Enzegesarteges fäerdeg bruecht: et ass di enzeg Fra, dei mat zwee LCGB-Presidente bestuet war: fir d'éischt - bis 1967 - mam Pierre Schockmel an dono - vun 1972 bis 1997 - mam Léon Wagner. (cf 42, 80 + 89)

**44. Kirschenbilder Marcel**

(1922-1995) Marcel war de Mann mam bloe Schieritech aus der Epicerie bei der Kierch: et war joerlang en "Tante Emma Laden" mat vill Charme, a wien errénnert sech net un d'"Sach vum Frang" déi et hei gouf!

**45. Klebesch Anna (Meyer-Kleber Anna)**

(\*1859-1939) Fra vum Néckela Meyer. Klebesch Franz seng Mamm. Si hat eemol de Barong Raymond de Tornaco gefrot, op hie si op Esch kéint feieren. Hien huet dat gemach, ass awer gerannt: hien huet gemengt, si giff fäerten. "Huet et Där gefall?" frot hien dono. "Jo", sot si , "dat doen ass eppes Feines, ech soen zu Eisen, si solle sech och esou eng Maschine kafen." Natierlech koum näischt no, et hat net jidderéen dem Barong seng Méiglechkéeten. (cf 6, 47)

**46. Klebesch Arthur (Biver Arthur)**

(1913-2000) Mann vum Marguerite Meiter, Brudder vu Biver Marcel, Nicki an Leonie. Klebesch Anna war d'Groussmamm.

Arthur war Beamten op der Hadir a joerlang Sänger. En huet och mat Theater gespillt. 1955 war en am Sketsch "Die 2 Vagabunde" e Giischtchen. Virun der Opféierung war sech den neidege Courage ugedronck ginn. Hien hat op der Bühn di zwee Vagabunde gefangen, se agespart, an sollt machen, wéi wann e giff schlofen. Opeemol war en awer wirklech entschlaf, et soll een esou guer - am Publikum - e liicht Schnarrchen héieren hunn. (cf 45, 48, 49)

**47. Klebesch Franz (Meyer François)**

(1888-1935) Mann vum Melanie Pissinger. Hien a säi Kolleg - Bivesch Dommes - haten "eng dréche Liewer". De Fierschter Jean-Pierre Speltz hat déi Zwee eemol gefrot, fir him am Bësch ze hëllefén. Mëttes gouf och am Bësch giess, de Fierschter huet gesinn, dass si Brout an engem Dëppen hatten, driwwer war eng duerchiichteg Flëssegeket. De Fierschter duecht: "Déi arm Jongen hu sech eng Wasserdopp gemach." Dat hunn deemools just ganz arm Leit giess. Et sollt sech awer erausstellen, dass et kee Wasser, mee kloere Branntwäin war. (cf 12 + 16)

**48. Klebesch Marcel (Biver Marcel)**

(1914-1987) Mann vum Anna Goergen. Hie war Chauffer op der Hadir. Am zweete Weltkrich huet en déi "Déck" vun der Hadir an Däitschland gefuert. Dat war nawell geféierlech. En Ingenieur sot do zu sengem Papp (Nick Biver): "Mir huelen en do eweg: e mëscht de Männchen net!" (gemengt war den Hitlergrouss). Marcel gouf émgeschoult a gouf Schweesser. (cf 46 + 49)

**49. Klebesch Nicki (Biver Nickolas)**

(1915-1985) Mann vum Marechen Braas. Nicki war Sadler op der Hadir, aktiv an der Chorale an huet als "Alleinunterhalter" gegollt.

Legendär ass eng vun den éischte Kapesätzunge - wou hien als "Comitésmember" mat op der Bühn soutz an de ganzen Owend Radau mat der Schäll gemach huet, déi am Fong geduecht war, fir de Sall roueg ze kréien.

Erzielt gëtt och d'Geschicht, wéi Nicki enges Dags "a Kesselech" e klenge Fueshut krutt, deen opgedoen huet an domat heemgoung. "Wat sot Deng Fra?", gouf en den aneren Dag gefrot. "Näischt", war d'Äntwert, "et huet mech jo net kaunt!" (Suessem fir "Kannt!")(cf och 46 + 48)

#### 50. Klebesch Pierre

(\*1881-?) Pier huet zesummen mat senger Schwëster Boffi e Café mat Danzsall op der Escher Strosos gefouert. Jiddereen dee vun hinne schwätzt, schwätzt vum Knascht, de regéiert huet: Klebesch Pier - esou gëtt gesot - sinn d'Fléih den Hals eropgekroch. (cf 15)

#### 51. Klein Edmond

(\*1941) Hie koum 1987 als Paschtouer aus der Belsch op Suessem, um Ufank huet en nach de ganzen Dag op der Schmelz geschafft. Hie war e joviale Paschtouer an no un de Leit.

#### 52. Klein Scharel – Wasser-Scharel (Klein Charles)

(1874-?) Mann vum Jeanne Brücher. Ufank vum leschte Joerhonnert wollt hie mat senger Fra an de Kanner an Amerika auswanderen. E koum awer net u Land, well eent vun de Kanner krank war. Viru senger Rees hat en awer alles verkäft, war deemno verarmt, wéi en zreckkoum. En huet dunn fir d'Gemeng un der Waasserleitung geschafft, déi tëschent 1910 an 1915 gebaut gouf. Vun do krutt en och de Spëtznumm "Waasser-Scharel".

#### 53. Klepper Céline

(+1975) Fra vum Armand Gaasch: béis sinn d'Eltere vun der Deputéiert Françoise Hetto-Gaasch. D'"Joffer Klepper" koum 1952 op Suessem, direkt no der Joffer Grethen. "Et war en Engel," gëtt gesot, "jonk an elegant" - si huet d'Meedecher stark impressionéiert. (cf 28)

#### 54. Kolbusch Franz

(+1994) Hie war Gewerkschaftler (LCGB) an och politesch aktiv. Hien ass en éischte Mee gestuerwen, wéi e just an de Bus wollt klammen.

#### 55. Kochet (Krier Franz)

(+?) Mann vum Marguerite Feyder. Hie war Fierschter/Kutscher um Schlass. De Baron Raymond de Tornaco soll him en Appel op de Kapp geluecht hunn, an en dann erofgeschoss hunn - mat schéine Bonjoure vum Wilhelm Tell: de Kochet soll roueg stoe bliwe sinn. (cf 6)

## 56. Koschtesch Jhamper (Biver Jean-Pierre)

(?) Hie soutz eemol a Weissgiewesch (Café am Center) a sot opeemol voll Panik: "Gëff mer en Hut!". Ausser him hat kee gesinn, dass seng Mamm - Koschtesch Kätt - énnerwee war. Si koum an d'Wirtschaft a frot: "Ass eise Jhamper net do?" "Neen, neen!" - do war all Mensch formel. War e jo och net, schliesslech hat e sech hannert dem Hut verstopp!

## 57. Lanne Franz (Biver Franz)

(1886?-?) Mann vun Marie Biver, Papp vu Bivesch Dommes. Hien huet de speidere "Café J + J" opgemach. Eng Wirtschaft déi vun Ufank un grousse Succes hat, si louch op enger Strooss, wou émmer vill Verkéier war - och wann deemols Päerd a keng Autoen virun der Dier gewart hunn.

Lanne Franz war och Gemengepolitiker, a mindenstens teschent 1908 an 1918 am Gemengerot. (cf 13)

## 58. Loren Helène (Wildschütz-Simon Helène)

(1902-1979) Fra vum Jean Wildschütz. Hiere Grousspapp Franz Nicolay huet als Steemetzer um Schlass geschafft. Esou huet et sech erginn, datt d'Helena de Tornaco - d'Duechter vum Barong Charles - sech ugebueden huet, Giedel iwert dat klengt Helène ze ginn. Och wéi d'Helena "Comtesse de Beaufort" um "Château Gors" am belsche Limburg gi war, hat si nach émmer Bréifkontackt mat Loren Helène. (cf 66 + 93)

## 59. Mierge Misch (Goergen Michel)

(1881-1951) Mann vum Maria Schaeffer. Wéi Misch begruewe gouf, hat d'Musek en Ersatzdirigent. Si sin d'Lued bei d'Haus siche gangen, den Dirigent huet ugezielt, am Eifer awer e bësse séier: et war den Tempo vun engem Marsch. Herno soten d'Leit:"Si hu Misch op Freedebuerg begruewen."

## 60. Morang Alphonse

(\*1938) Mann vum Lydie Biver. Professer an an den 80er Joere President vun der "Biergerinitiative géint eng Industriemülldeponie", President och vun der Veräinsentente, an zenter Enn der 60er Joeren och President vun der Chorale: dat ass bal esou lang, wéi de Fidel Castro Staatschef vu Kuba ass! (cf 61)

## 61. Morang Otto

(1912-1987) Mann vun Louise Schmit, Papp vum Alphonse Morang. Hie war Schlässer op der Hadir, President vun der Musek, vum "Gaart an Héem" an och der LCGB-Sektioun Suessem, doriwwer eraus och lang Joeren an der Chorale aktiv. An de 50er Joeren huet hien de "Café des bons amis" - bësser bekannt énnert dem Numm "a Kesselesch" - an der Kazerecht gefouert. (cf 42 + 43)

## 62. Mossong (Paschtouer)

(+?) An den 30er Joere war hie Paschtouer zu Käerjéng, koum awer och op Suessem d'Mass halen. Am Duerf gouf en - net ganz fein - "De Lëpsekinnek mat de Geiekëschte" genannt: en hat eng Lëps dei erofhoung an och ziemlech grouss Féiss.

## 63. Mullesch Pol (Muller Paul)

(\*1931) Mann vum Elise Dominicy. Hie war lang Joeren Dépositaire. Wéi 1992 säi Meedchen Anita de Restaurant "Al Suessim" opgemach huet, stoung Pol hannert dem Comptoir. Bis haut helleft hien de Veräiner wou e kann: e kennt mat senger Camionette wann et drëm geet Material ze transportéieren, huet domat och émmer d'Musek fir den Hämmelmarsch op "d'Metil" gefouert.

## 64. Nickels Pol

(\*1950) Mann vum Josée Neu. Hie war joerlang Wiert am Café "Suessemmer Stuff", mee och an ville Veräiner. De Pol was Kommandant vun de Pompjeeë. Et huet emol beim Binz (speidere "Café J+J") gebrannt. Et koum hei zu enger Explosioun, am ganzen Haus ass d'Glas eweg gefuer, och dat vun der fiischter Dier. Déi war zougespart, de Pol huet dru gerappt a gejaut: "Spär dach een déi Dier op!". Opeemol hat een den entscheedenen Tip parat: "Ma Pol, géi dach einfach eran!"

## 65. Nicolay Franz

(1846-1925) Gouf 1874 mat der Anne Schwind bestuedt, Grousspapp vum Helène Wildschütz-Simon. Et war e Sonndeg Moien am Wanter, d'Leit sinn an d'Mass gangen, an hunn énnert engem Koup Schnéi zwou Schongspétsze gesinn: de Franz Nicolay - Steemetzer - hat den Owend firdrun eng bei "Lannefranz" gehalen. Um Wee fir heem gouf en esou midd, dass e sech op e Mëschtekoup geluecht huet. An der Nuecht hat et geschnéit. Him ass awer näischt geschitt, schliesslech huet d'Mëschte vun énnen gewiermt. (cf 58)

## 66. Paressen Albert - "De Péckvillchen" oder "De Molert" (Albert Simon)

(1901-1956) Jonggesell a Karikaturist mat spatzter Fierder: hien huet engersäits den Duerfbeschass gemolllt, awer och lang Zäit fir d'Tageblatt geschafft. E war dacks "a Kesselesch" a muss gutt Zänn gehat hunn: an der Wiertschaft huet en sech dacks eng "Pánchez" gefrot (Stop vun enger Fläsch), déi huet en dann mat den Zänn esou lang beaarbecht, bis se kleng war.



Paressen Albert (N° 66)

**67. Pater Norbert**

(\*1952) Mann vum Sylvie Mersch. Hien ass Postbeamten, an a ville Suessem Veräiner: zenter e puer Joer ass "Patesch Nob" och Caissier vun der Chorale. An esou huet en der Chorale e Päerdsunhänger ugeschafft, fir allerhand Material ze transportéieren. D'Scoute krutten dee geléint, wéi se am Summer 2003 beim Cactus zu Käerjéng gegrillt hunn. Wéi den Norbert wollt héem fueren - ass et geschitt: de Päerdsunhänger koum net durch den Tunnel vum Käerjénger Supermarché - den Unhänger huet sech an e Cabrio verwandelt.

**68. Pauly Jos**

(\*) Als Kand wier et - esou gött gesot - e richtegen Duerfsiechter gewirscht, zesumme mat sengem Brudder Nick. De Jos war dobäi dee Rouhegen. Di Zwei waren eng Kéier, als Bouwen op d'Schlass an d'Gäertnerei klauen. Herno gouf eng Schlapp do fonnt: et war dem Jos seng - dén krutt och gejaut; dobäi hat den Nick se un! (cf 69)

**69. Pauly Nick**

(\*) Als Kand - wéi et schengt - nach méi durchdriwe wéi säi Brudder Jos. Hien ass eemol de Kleensbierg (Quartier de l'Eglise) mam Schlitt erofgefuer: énne koum Mierge Misch (Michel Goergen) mam Päerd. Den Nick ass dem Päerd mam Schlitt durch d'Been gerannt. (cf 68)

**70. Peitesch Jhamper (Mathay Jean-Pierre)**

(1888-1969) Mann vum Catherine Schmit, Papp vu Peitesch Fel (Mathay Félix). Jhamper a säi Brudder Jos ware Sänger.

Jhamper huet senger Fra Kätt eemol eng Hamenhéis aus dem Kachdëppé geklaut, an a Platz e Stéck Holz dra geluecht. Kätt war zesummen - mat Mierge Märri (Goergen-Schmit Marie) - eng Hochzäit kucken: wéi hat erém koum, huet et an d'Héis gepickt, déi war nach net mëll. "Kätt - ass eppes?" huet Jhamper gefrot. "Ma d'Héis gett net mëll!" An Jhamper soll sech geiergert hun: "Gesitt Dir, mat äre virwëtzege Schnësser - Dir hätt sollen doheem bleiwen!"

**71. Reuter Alex**

(\*1952) Mann vum Dagmar Angelsberg (fréier Deputéiert vun "Déi Greng") Hie war ufank vun den 80er Joeren fir d'LSAP am Gemengerot, dono och Spriecher vun der Suessem Biergerinitiative. Reutesch Lex ass Prof, an zénter Joeren déi dreiwend Kraft am Theatergrupp Namasté vum Escher Meedecherslycée.

**72. Reuter Pit**

(\*1928) Mann vum Jeannette Thomas. De Pit koum an de 50er Joeren op Suessem - d'Famille ass Enn der 70er, nodeem hiert Haus verbrannt war, op Lenger geplënnert, zenter 9 Joer sin se zréck. Och wéi de Pit e "Lenger" war, koum en mam Vélosmoto (sengem Quicklie) op Suessem an d'Gesangsprouf. De Pit ass awer och iwer 50 Joer als Kleeschen durch d'Land gezunn.

### **73. Roeser François**

(+?) Hie war Schoulmeeschter an Dirigent vun der Chorale. Hien huet munchedes fir de Gesangveräin gemach, gëtt gesot. Enner anerem huet d'Bouwechorale mat him scho Moies um 7:00 d'Mass gesongen - an de 50er Joeren huet en d'Regie bei de beléifte Sketschowender gefouert. Hien huet och de Potpurri "Frühmorgens wenn die Hähne krähn" zesumme gesat. (geknäipt?)

### **74. Roth's Mett (Roth Mathias)**

(1898-1986) Bannpreiter, hie war och an der Musek. Vun him zielt "all Mënsch" d'Geschicht, wann en beim Comptoir gesongen huet - mat Virléift e Lidd dat esou geklungen huet: "Zwei dunckle Augen, ein pu-pu-pu-pur-ner Mund!" Irgendwéi huet en op där Platz d'Kéier ni kritt.

### **75. Schleich Jhustinn**

(+? hier Eltere goufen 1877 bestuedt). Si stammt aus dem Braumesberg, deen do Schleicheberg gehéscht huet. Si gouf an d'Stadt bestuedt, koum awer méi spéit eleng erëm. Fir si ass de Sproch "D'Sue gi sech eweg, an den Dabo (den Efalt) behällt een!" wuehl eng batter Wourecht ginn. Wéi si erëm koum, hat d'Familjeverméige sech nämlech verflösseg. D'Leit soten dono: "Et hätt besser gehat Néckel (en Zolwer Jong!) ze bestueden, deen ass schliesslech lang genuch duer freie gangen."

### **76. Schmëtte Katrin (Schmit-Kirschenbilder Catherine)**

(1878-1963) Si hatten e klengt Bauerhaus an der Kazerecht. Eng Kéier wollt Katrin d'Schwäin erandreiwen: dat ass awer net gelongan, déi sinn no alle Seiten fortgelaft. Si huet sech net beirre geloss an derbäi gesongen - dat huet dann esou geklungen: "Maria zu lieben - gees De eran Du Sau - ist allzeit mein Sinn!" (cf 77)

### **77. Schmëtte Jos (Schmit Jos)**

(1913-1968) Hie war Jonggesell an a senger Jugend a sengem Elterenhaus wuel relativ streng gehalen. Hie sollt léieren a gouf dofir "agespart". Et huet een en och dono ni am Duerf gesinn, ausser Ouschteren oder Chrëschtdach.

Wéi seng Mamm - Schmëtte Katrin - am Spidol war, young en dann och net dacks dohin. D'Nonn sot zu him: "Där musst méi bei Är Mamm kommen!" Dorops Jos seng Antwort: "Dir huet gutt schäissen, wann aner Leit drécken!"

### **78. Schmit Frans (Schmit François)**

(+1929) Mann vun der Léonie Schmit. Papp vu Gust a Frans Schmit. An den 20er Joere war hien Dirigent vun der Chorale, huet och e Bouwechouer gegrënnt. De Paschtouer Julchen hat emol Kaméidi mat der Musek. Op Wäissenouschtere stoungen d'Kommuuniounskanner an der Schoul ze warden, de Gesangveräin war prett an der Kierch, de Julchen an d'Massendénger wollte just vun do erof bei

d'Schoul. Do héiert de Julchen d'Musek kommen. "Ah neen," sot hien, "dat do well ech net!" Do geheit Frans d'Noutebicher vum Ducksaal a sot: "Ah neen, da sangen mir och net!" (cf 79)

**79. Schmit Julchen – Paschtouer Julchen (Schmit Jules)**

(1883-1962) Tëschent 1919 an 1931 war hie Paschtouer zu Suessem. De "Julchen" war kee Feinen, do ass all Mënsch sech eens: en huet d'Kanner mat enger Weederutt gebeetscht. Wéi en 1931 vu Suessem fort goung, hun d'Bouwen - ewéi Biotsen Ed - him d'Geméis aus sengem Gart, einfach op de Camion geheit, fir dass en némme séier fort sollt kommen!

**80. Schockmel Pierre**

(1903-1967) Eischte Mann vum Maria Schmit (Kesselesch Maria). An de 60er Joeren war hien LCGB-President, 1959 gouf en och fir d'CSV op de Krautmuart gewiehlt: a fir den eischte Suessem Deputéierten zenter dem Barong ze éieren, hun d'Veräiner en impressionante Cortège mat ville gerëschte Ween duerch d'Duerf organiséiert. (cf 43)



"A Kesselesch": Otto Morang (N° 61), Pierre Schockmel (N° 80),  
Maria Schockmel-Schmit (N° 43), Gaasch'en Neckel (N° 28)

## 81. Schütz, Madame (?)

(+?) Si war Hiewann vun Käerjéng an huet praktesch alle Suessemer Kanner, déi an den 30er bis an di spéit 50er Joeren gebuer goufen, op d'Welt gehollef.

## 82. Speltze May och nach "Klebesch May" (Speltz-Meyer Marie)


(1890-1970) Fra vum Jean-Pierre Speltz. May war en Unikat - gëtt gesot: si wousst alles, wat am Duerf geschitt ass. Si huet och Sallefe gemach an sech esou der Konkurrenz vun den Dokteren gestallt. Beckesch Georges hat sech eng Kéier den Arm op der Schmelz verbrannt. May huet eng Sallef gemach, mat énner anerem Beiewues an Hielänner: déi huet direkt gehollef. Wéi den Dokter Gratia nom Patient kucken koum, sot en: "War Speltze May schon hei? Da kommen ech net méi!"

## 83. Stoffel (Här)

(?) Ufank vum läschte Joerhonnert war hie Schoulmeeschter zu Suessem - en huet d'Chorale gegrënnt. Am Joer 1900 hat e schon eng Rei Männer zesummegetrommelt dei gäre gesongen hunn. 1904 huet d'Famill de Tornaco e Fändel gestëft an d'Chorale war gebuer.

## 84. Streff Mulles (Streff Emil)

(1932-1985) Mann vum Lucie Molling. Hie war Schneider, lang Joeren och Koschter an der Kierch a Sänger - hien huet och mat Theater gespillt. Esou war en och bei enger Opféierung zu Pärel derbäi. Op der Bühn ware vill enzel Ridoen, de Mulles huet all Mensch gewarnt: "Pass op, dass De net vun der Bühn fälls!" Opeemol war et awer geschitt, hie selwer war vun der Bühn gefall - an zwar an d'Tombola, déi vir-dru stoung.



Streff Mulles (N° 84)

## 85. Streweler Raymond

(\*1944) Hie koum - 1978 - nom Dout vum René Courtois als Paschtouer op Suessem. En huet d'Chorale iwwerzegt, erëm an der Kierch ze sangen (énnert sengem Virgänger hat et Sträit ginn). Op säin Impuls hinn goufen och d'Suessemer Scoute gegrënnt.

## 86. Tréis Bebb (Beb Glodt-Simon)

(1886-1957) Fra vum Jhemp Glodt. Mamm vun Finn, Zess a Jäng. De Paschtouer Julchen huet eemol an der Kierch gezielt, Bouwen hätte bei him am Gart Renglotte geklaut. Énnert hinne waren 2 Bouwe vu "Kläer" (hier Mamm war Claire

Biver-Bernard) ma och Tréis Jäng. Deem seng Mamm, Tréis Bebb, soutz an der Kierch nirwt Kläer. "Oh méi", sot Kläer, "ech hat der zwee derbäi!" - "Dat ass guer näischt," huet Tréis Bebb geäntwert "eisen huet en als leschte genannt, fir dass een en och gutt verhällt!" Tréis Bebb goung heem an huet hiere Jäng vernannt. "Ah," sot Jäng, "wann de Julchen dat do gemach huet, dann frësst en elo och keng Drauwen!" (cf 5, 26 + 79)

#### 87. Urbing's Ander (Urbing André)

(\*1945) Hie war eent vun den éischte Kanner, dei op d'"Kannerschlass" koumen. Haut ass en énner anerem als Fussballarbiter aktiv an huet iwert 1.800 Mätscher gepaff. Dat ass näischt Ongewéinleches u sech, mee de gréisten Deel vun de Suen déi en als Arbiter kritt, iwwerweist en "Médecins sans frontières": bis elo émmerhin eng 28.000 Euro! (cf Revue 1.10.2003)

#### 88. Wagener Armand


(?) Hie liewt haut zu Esch, koum awer an de 60ger als Schoulmeeschter op Suessem. Spéider hat en d'Geschäft "Levy Soeur" an der Escher Uelzechtstrooss. Hie war och President vum Suessem Fussball an dono lang Member vum COSL - dem olympesche Comité: an dëser Fonktioun huet hien 1988 de letzebuerger Fändel op den olympesche Wanterspiller vu Calgary am Kanada gedroen.

#### 89. Wagner Leon

(1902-1997) Zweete Mann vum Maria Schmit (Kesselesch Maria). An de 40er an 50er Joeren war hien Nationalpräsident vum LCGB. "Wagnesch Leo" huet énner anerem impressionéiert, well e bis an den héigen Alter - bis ufank vun den 90er Joeren - selwer mam Auto "op Märel an d'Mass" gefuer ass (vu wou e gestammt huet) (cf 43)

#### 90. Wampach Guillaume

(1914-1995) An de 60er Joere war hien als Paschtouer zu Suessem ziemlech beléift a wuel och ziemlech modern: hien huet d'Chorale fir Fraen opgemach a si munches geléiert - gëtt gesot: femmen (hien selwer war och e starke Femmet) an och alt drénken.



Wampach Guillaume (N° 90)

#### 91. Wäissgierwesch Tief

(Théophile Leysen)

(\*) seng Eltere - Jhemp Leysen a Marie-Josephine Feyder - goufen 1915 bestuet. Tief war 27 Joer lang Wiert:

hien hat de Café am Center - "a Wäissgierwesch". Tief war och Coiffer, en hat eemol Kreiesch Alfons am Stull, huet geschnidden a geschnidden, an opeemol sot en: "Alfons, haut kascht et näischt!" D'Wierk war net esou richteg gelongen.

92. Welbes Jhamper – och "Decker Monni" (Welbes Jean-Pierre)

(1867-1939) Mann vum Catherine Weis. Hien huet vu Götzen gestaamt, d'Kopel hat e grosse Bauerenhaf, wou haut eng Parkplatz ass: virun der Kierch - téschent der Nidderkuerer Strooss an dem Quartier de l'Eglise.

93. Wildschutz Jean

(1892-1970) Mann vum Helène Simon. Hie war Eisebunner: änner anerem Chef de Gare zu Bettebuerg - duerch seng Aarbecht ass en èmmer erëm geplènnert. Seng Fra - Loren Helène - war awer vu Suessem, an esou sinn se no senger Pensionéierung - 1955 - erëm an d'Duerf komm. Hie war President vum Kiercherot an och Sänger an der Chorale, déi en schon eemol an den 30er Joeren dirigéiert hat. (cf 58)

94. Wilwert'sen Néckel (Wilwert Nick)

(1928-1987) Mann vun Hausemesch May - May Dabée. Néckel staaamt vun Kayl - hien huet mat engem Camion als Entrepreneur an Transporteur ugefangen. Iwwert Joeren huet seng Firma - uewen op der Escher Strooss, beim Käerjénger Bësch - expandéiert, an sech och fest etabléiert.

95. Zaff Edmond (Dabée Edmond)

(1930-1997) Zaff Edmond staaamt aus dem Bauerenhaus bei der Kierch (haut Neibau Biot). Hie war Jonggesell a wousst alles. Dat war scho bei senger Mamm - Berthe (Berthe Dabée-Weiler) - esou. Keen Wonner, d'Leit sinn all Mëllech dohi siche gangen, hu vill erzielt a si vill gewuer ginn!

De Schoulméschter Binsfeld stoung eng Kéier mat Edmond beim Comptoir - déi Zwei krutte Kaméidi. "So", sot de Binsfeld, "Hues Du Kanner?" ( Dat war eng Menace nom Motto "Wanns De Der hues, dann ginn déi elo gestrizt!"). Edmond huet sech immens opgereegegt. D'Leit hu sech gewonnert, schliesslech hat e jo keng. "Dat ass egal", sot Edmond, "ech kann mech zu Dout iergeren, well ech un dat denken, wat mat menge geschitt wier, wann ech der hätt!" (cf 96)

96. Zaff Wuckles (Dabée Victor)

(1933-1997) Mann vum Josette Fostier. Am Ufank war hie Véittransporter, dono Depositaire. Eng Geschicht déi vun him - als Kand erzielt gëtt - ass legendär. De Paschtouer Mossong vu Käerjéng koum op Suessem - e sollt Béischte siche kommen. Wuckles stoung op der Stross ze kucken a sot: "Moie Paschtouer!" - "Wéi?" huet de Mossong gefrot "déi fei Kanner soe "Gelobt sei Jesus Christus". Brauchs Du dat net?" - "Wirwat," sot Wuckles, "häschs Du dann 'sou?" Wuckles hat zwee Geschwëster: Edmond a Raymonde. (cf 10, 62 + 95)

## 97. Zahles Armand

(\*1936) Mann vum Germaine Breuer. Hie war 39 Joer lang Schoulmeeschter um "Roude Wee" zu Bieles: ènnert den 100ten Schüler, dei en an der Klass hat, war - vun Hierscht 65 bis Summer 67 - och de Jean-Claude Juncker (aktuelle Premier). Et war - esou sot Zahles'en Arm an der Revue N51 vun 2002 - "e ganz normale Bouf". (cf 39)

## 98. Zeches Nicolas

(1895-1985) Hie war Schmatt a vum him gëtt eng Geschicht geziehlt, wéi se wuel nach méi dacks firkomm ass: de Schmatt wollt eng Kéier e Schwäi schluechten, en huet e grousst Messer geholl - an an d'Schwäi gestach: en hat d'Béischt awer net richteg geroden, dat ass mam Messer am Hals bis an d'Gässel (rue de la Chiers) gelaf, bis hien et erëm hat.

## 99. Zenner Pipo (Zenner Pierre)

(1921-1988) Hien ass de Papp vun der Suessemmer Kapesëtzung. 1973 hat en d'Veräiner fir déi éischt Kapesëtzung zesummegetrommelt: et war d'Geburtsstonn vum "Suessemmer Piffass" - deemools ènnert dem Titel "Suessem am Kabes". 25 Joer lang huet de Pipo praktesch all d'Nummeren geschriwien, déi am "Café am Center" (a spezieller Ambiance) opgefouert goufen. Vill vu senge Figuren goufe grouss Publikumslieblingen: den Till, den Dëlpes, den Zaldot Muppi, oder och de Misch an de Mischi. An aus senger Fierder staamen Hits, ewéi "De Schlippi" "D'Tatta Anna", "Haut den Owend gi mir net an Bettchen", "Willy, oh Willy, Deng Nues", "D'Schnësselchen", asw...



Pierre Zenner (N° 99)

## 100. Zirbels Vic (Feyder Victor)

(1910-1994) Mann vum Josephine Glodt. Hie war Schräiner a joerlang och an der Musek. Fir den Hämmelsmarsch huet hien - a sengem Haus, hannert der Schoul, bei der Bach - keng Drëpp, mee e Bouillon zervéiert: et war de Beschten, deen et gouf - soen d'Musikanten. (cf 24)

Sophie MORANG

*P.S. Vläicht ass lech beim Liesen opgefall, dass dacks en Artikel virun engem Numm fehlt: "Jamper huet...", "Mett war...". Dat ass SUESSEMER! Et ass eng Manéier fir engem Respekt ze weisen: et ass bal wéi e Ritterschlag, wann keen Artikel virum Numm steet.*